# LU | Nei Waasserpräisser ab dem 1. Juli 2024

De Gemengerot huet d'Tariffer zum Waasserverbrauch an zum Ofwaasser ab dem 1. Juli 2024 ugepasst. D'Rechnung zum 2. Trimester 2024 déi Dir heimat kritt ass soumat déi lescht wou d'Tariffer appliziéiert ginn déi 2010 a Kraaft getruede sinn. Weider Informatiounen fannt Dir an der Informatiounsbroschür déi zäitno Toutes-Boîtes verdeelt gëtt.

## Wéi setzt sech déi nei Waassertarifikatioun fir Stéit zesummen?

Den Tarif fir Waasser (Drénkwaasser an Ofwaasser) besteet aus enger fixer Basistax an enger variabeler Verbrauchstax.

**Drénkwaasser:**
Fix Jorestax:
312,50€ + 3% TVA = 321,88€*
Variabel Tax no tatsächlechem Verbrauch:
3,90€/m³ + 3% TVA = 4,02€/m³

**Ofwaasser:**
Fix Jorestax:
62,5€** (ouni TVA)
Variabel Tax no tatsächlechem Verbrauch:
2,60 €/m³ (ouni TVA)

** Wann den Duerchmiesser vum Waasserzähler 25mm ass, wat fir déi meescht Stéit de Fall ass*
*** Entspriechend der Jorestax vun 2,5 EHm*** x 25€ = 62,50€/Joer*
**** EHm: Equivalent Habitant moyen*

**Variabel Tax, jee no Verbrauch**

| | Nei Präisser | Aal Präisser |
|---|---|---|
| Drénkwaasser | 3,90€ / m³ (+3% TVA) | 2,13€ / m³ (+3% TVA) |
| Ofwaasser | 2,60€ / m³ | 2,82€ / m³ |

**Fix Tax**

| | Nei Präisser | Aal Präisser |
|---|---|---|
| Drénkwaasser | 312,50€ / Joer (+3% TVA) | 4,85€ (+3% TVA) x 25* = 125€ / Joer |
| Ofwaasser | 25,00€ / EHm*** / Joer = 62,50€ | Gesetzlech net virgesinn |

**Rechnungen – Allgemeng Erklärungen**

– De legalen Delai fir eng Rechnung ze begläichen läit bei 30 Deeg ab dem Datum wou d'Rechnung ausgestallt ginn ass.

– Reklamatiounen géint eng Rechnung sinn schrëftlech un de Schäfferot ze riichten, iwwer Email schaefferot@contern.lu oder iwwer de Postwee.

– Den Delai fir ze reklaméieren ass 3 Méint no der Zoustellung vun enger Rechnung. 3 Deeg nom Depot vun enger Rechnung um Postbüro gëllt dës als zougestallt.

– D'Areechen vun enger Reklamatioun entbënnt den Redevable net vu senger Flicht fir d'Taxen, d'Redevancen an d'Steieren ze begläichen.

– Huelt wann ech gelift Kontakt mam Receveur op am Fall wou Dir d'Bezuelen vun enger Rechnung wëllt opdeelen.
Email: recette@contern.lu
Telefon: 35 84 69

Mir soe Merci fir Äert Verständnis.

De Schäfferot